

Budget 2021

Interventioun vum Jean Theis

Här Buergermeeschter,

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerôt,

Ech wäert iech an den kommenden Minutten iwwert

- De Logement
- De Sport
- An d’Kultur, schwätzen;

Kultur:

Ech mengen kënnen ze behaupten, dat d’Gemeng Hesper schonn zënter Joren en Vorzeigeschüler a Saachen Logement landeswäit ass, an och bleiwen wäert. Mir hunn eis Responsabilitéiten geholl an der Vergaangenheet a mir wäerten se och an der Zukunft huelen.

Ech kann iech dat mat dësen Zuelen beleeën;

- D’Résidence Alloro zu Alzeng op der Rothweit II, dat sinn 15 Apartementer fir sozial Mietzwecker, 5 surfaces commerciales an nach 1 Cabinet médical, Kiné oder Institut de beauté.
- D’SNHBM baut a verkeeft op der selwechter Plaz op Terrainen déi der Gemeng gehéieren an un sie op 99 Joer verpacht gi sinn, am ganzen sinn dat 38 Apartementer a 14 Haiser.
- Desweideren ass virgesinn an der Rothweit II och nach deemnächst 2 Lousen un d’Caritas fir 16 intergenerationell Wunnengen ze schafen.
- Um Holleschbiërg bauen mir selwer als Gemeng Hesper, 6 Haiser déi d’nächst Joer ënnert abordabele Konditiounen wäerte verkaf ginn.
- De Fond de Logement baut zu Fenteng 5 Haiser mat 10 Wunnengen direkt hannert der Museksschoul.
- Zu Izeg plangt den Fond de Logement um Predigerberg un engem neie PAP wou zousätzlech 100 Wunnengen geschafe kenne ginn.
- Mat engem „Engagement bilatéral“ deen d’Gemeng am Kader vum PAP Baltisse an der rue des Scillas um Houwald geschloss huet, wäert eis Gemeng och nach eng Dosen sozial Mietwunnengen vum Promoteur opkafen.

- Bei der Ëmsetzung vum PAP op der Place Jomé zu Hesper, envisagéiert eis Gemeng ronn 60 Wunnengen ënnert abordabele Konditiounen ëmzesetzen.

Fazit; Et dierften am lëtzebuerger Land net vill Gemengen ginn déi sech därmoossen am Beräich vum sozialen an subventionéierte Wunnengsbau engagéieren wéi d'Gemeng Hesper.

All Joer stinn considerabel Kreditter an deene jeeweilege Budgeten déi an de Wunnengsbau investéiert ginn, op dat fir den Opkaf vun Terrainen ass, de Bau vun de jeeweilegen Infrastrukturen, dem Bau vun neie Wunnengen an natierlech den Honorairen fir d'Planungsbüroen déi ufalen.

Am **Sport** stecht ganz kloer

- De Bau vun der neier Sportshal vum Holleschbiërg eraus. Deemno steet eisen Sportsveräiner deemnächst eng zweet Hal um Sportkomplex Holleschbiërg zur Verfügung.
- Am Kader vun der Realisatioun vun der neier Alzenger Schoul, kënnst eng weider Sportshal, déi och eisen Sportsveräiner an den Owestonnen waert zur Verfügung stoen.
- Um Stade Kongs zu Izeg ass déi nei Tribün mat knapps iwwert 100 Sëtzplazen, enger Buvette, engem Fitnessraum an 2 Vestiairen fäerdeggestallt.
- Am nächste Joer gëtt prozedural alles preparéiert fir 2022 mam Bau vun engem zousätzlechen syntheteschem Fussball Terrain unzefänken.
- Um Holleschbiërg gëtt de Stade Thill am Joer 2021 komplett erneiert.
- Um Stade Theis goufen dëst Joer jo schonn eng Rei Investitiounen gemaach, no 20 Joer kéint een och demnächst drun denken fir déi net ganz funktionell Gradinen eng kéier op de Leescht ze huelen.
- Mam Bau vum Lift aus dem Zentrum vun Hesper kritt de Sportkomplex Holleschbiërg an doriwwer eraus de gesamten Plateau Holleschbiërg/op Barken an senger Natur eng komplett nei Accessibilitéit.
- Den neie Centre Civique soll natierlech och vum Schoulsport kenne genotzt ginn.

Mam Ëmbau vun der aler Pompjees-Kasär kritt d'Hesper Musek komplett nei a vill méi accessibel Raimlechkeeten. Och fir verschidden Veräiner sinn nei Lokaler ëmgesat ginn.

Mat der aler Pompjees-Kasär an dem neie Centre Civique kritt de Campus Hesper e komplett neit Gesiicht. Mam Parking écologique am Waischbänchen ginn och nach ronn 45 nei Parkplazen ronderëm dëse Schoulkomplex gebaut. Ënnert den neie Centre Civique kennt och nach déi selwecht Stéckzuel u Parkingen bäi.

Mam neie Parkhaus am Zenter vun Hesper sinn och 120-140 Parkplazen geplangt.

Net ze vergiessen ass awer, datt am Zentrum vun Hesper e „Point d'échange“ fir den öffentlechen Transport geschaf wäert ginn, an och déi douce Mobilitéit gëtt als Verbindungssax fir eng Rëtsch vun neie Vëlospisten an de kommenden Joren op dëser neier Plaz ëmgesat.

Kultur:

Fir d'Kulturlieden war et duerch den Corona Virus e ganz speziell Joer. Leider sinn praktesch all geplangten Evenementer der Pandemie zum Opfer erfall.

Fir d'nächst Joer awer si mir gewëllt eisen Matbierger wéi gewinnt iwwert d'ganz Joer en variabelen kulturellen Programm mat allerlee Animatiounen unzebidden, esou weit wéi Corona dëst zouléisst.

All eis lokal Veräiner ob Kultur, Sport oder anerer, hun all ënnert dëser schrecklecher Pandémie gelidden, konnten hier Aktivitéiten net wéi gewinnt duerchzéien, hunn doduerch och keng nennenswäert Recetten konnten verzechnen. Aus besoten Grënn huet de Schäffen a Gemengerot decidéiert fir den järelechen Subside de Base ze verduebelen, an dat net nëmmen fir nächst Joer, mé fir ëmmer!

Eis Museksschoul an hiren neien Gebailechkeeten zu Fenteng, gewënnt nach ëmmer méi u Beléiftheet an zielt aktuell méi wéi 800 Inscriptiounen. Vill vun dësen Schüler wäerten an den kommenden Joren den Wee an eis Kulturveräiner fannen, an domat fir eng sécher Zukunft vun dësen Veräiner suergen.

Wéi dir gesitt, mëscht d'Gemeng Hesper alles esou weit et hier méiglech ass, esouwuel um soziale Plang, wéi an der Kultur wéi och um sportlechen Plang, fir

nëmmen dës Sparten opzezielen, fir daß et eisen Bierger gutt an nach ëmmer besser soll goen an der Zukunft.

Zwou kleng Remarquen wëllt ech allerdéngs nach zum Schluss bäifügen;

Mat der Arrivée vum Tram um Houwald déi fir 2023 geplangt ass, sollte mir eis als Hesper Gemeng, déi zousehens mat den neien Wunnquartiers un Awunner wießt, Gedanken maachen iwwert d'Schafung vun enger Aart „Hesper City Bus“.

Bierger déi an den deels neien a méi weit ofgeleeënen Wunnquartéier wunnen, déi eng gréisser Distanz vum öffentlechen Transport hunn, sollte mir mat dësem Service d'Méiglechkeet gin vum öffentlechen Transport Gebrauch ze maachen, an esou op den privaten Autogebrauch kënnen ze verzichten.

Mat dësem „Hesper City Bus“ kënten d'Bierger op den neien Point d'Echange op Hesper wéi och op déi nei Gare périphérique um Pôle d'Echange Bouneweg/Houwald bruecht gin, an könnten sech dann mam Tram an déi gewënschten Direktioun weiderbewegen.

En zweeten Punkt ass den Tourismus an eiser Gemeng;

Ech mengen daß do nach vill Loft no uewen besteet fir dësen an den nächsten Joren zesummen mam ORT Zentrum ze fërderen an ze steigere. Mir kënnen eisen Touristengäschtt ënnert anerem e flott, rouegt an technesch gutt amenagéiert Campingfeld, flott Veloswéer, eise schéine Park, d'Hesper Buerg, d'Wahrzéchen vun der Gemeng mat hirer neier Plattform an nach vill aaner flott Sehenswierdegkeeten ubidden.

Eis lokal Restaurateuren a Cafetieren déi de Moment eng schwéier Zäit duerchliewen kënten während der Touristesaison mat hiren flotten Terrassen och vun dësen profitéieren.

Fir dëst ze maachen brauchen mir e gutt fonctionnéierenden Camping mat enger moderner Empfangs Infrastruktur an Alentouren. Dé bestehenden Chalet ass morsch, an et ass ongesond dran ze schaffen, fir do dagdeeglech d'Gäschtt während der Saison ze empfänken. Hei misst dringend eppes geschéien.

Ofschléissend wëll och ech eisem Service Financier an allen weideren Bedeelegten déi un dësem Budgets-Dokument matgeschafft hunn ee groussen Merci aussprieche, fir déi vill a perfekt Aarbecht déi sie a stonnelaanger Aarbecht am Sënn vun eiser Gemeng gemaach hunn. Ech wëll och do d'Finanzkommissioun net vergiessen déi während ee puer Owender, an daat dëst Joer iwwert Zoom Video, dësen Budget analyséiert huet, an hei dem Kolleeg Roby Leven als dësjäregen Budget-Rapporteur souwéi och als Sekretair vun der Finanzkommissioun, e ganz speziellen Merci fir säin detailléierten Rapport deen hien derzou gemaach huet.

An deem Sënn soenlech alleguerten Merci fir d'Nolauschteren!